

Rapport vun der Kultur an Fräizäit Kommissioun

Sëtzung vum 29 Abrëll 2024

Presenzen

Present	Net present
PINTO Toni	BOCK Stefanie (entschëllegt)
REDING-SCHARLE Corinne	DOEMER Patrick (entschëllegt)
WETZEL Mike	BROSIUS Thierry
CINCIS Patrick	
LEROY Michelle	
VOSSMAN-KIEFER Diane	
MEYER Louis	
WIRTZ Sandra	

Punkt 1: Diskussioun mat den Kommissiounen Relation Publique an Vivre

Ensemble

Presidentinne vun de Kommissiounen *Relation Publique a Vivre Ensemble* waren an Sëtzung vun der Kulturkommissioun invitéiert fir sech iwwer Themen auszutauschen déi kommissiounsiwwergräifend sinn. Presidentin vun der Kommissioun *Vivre ensemble* konnt kuerzfristeg net un der Sëtzung deel huelen.

Mat der Presidentin vun der Kommissioun *Relation Publique* sinn des Thema beschwat ginn:

- dass dem Internetsite vun der Gemeng Helperknapp nach Informatiounen zu Thema wei Wanderweeër, Touristesche Informatiounen, Monumenter oder och Evenementer wei dem Helpermaart an hirem historesche Kontext, feelen.

- dass en eng Enquête iwwer Kommissiounen eraus kéint maachen fir de Besoin bei der Bierger nozefroen. Et kéint sech virstellen dass eng Aarbechtsgrupp aus de 4 Kommissiounen (Kulturkommissioun, Vivre Ensemble, Troisième Âge an Relation Publique) mat jeeweils zwou Persounen e participativen an inklusive Questionnairë a 4 Sprooche géing auszeschaffen. Gestiou vum dësem Projet géing Kommissioun Relation Publique iwwerhuelen.

Punkt 2: Bam fir de Gemengerot an Neigebueren

Refective zum Bam fir déi nei Gewielten.

An der Kulturkommissioun ass nach emol iwwer déi véier Beem fir déi nei Gewielten diskutéiert ginn. Et dass festgestallt ginn, dass an der neier fusionéierter Gemeng Helperknapp nach ni nei Gewielten e Bam ob enger ëffentlecher Platz kruten. Dofir ass ëstëmmech festgehale ginn, dass symbolesch just 1 Bam fir de ganzem Gemengerot vun 2023 soll geplanzt ginn.

Als Datum an Auerzäit geet den *Dach vum Bam* proposéiert, den 9 November ab 10:30. Des Aktioun kéint mat engem Éierewäin an Schnittercher begleet ginn.

Déi zwou Plaquetten géingen des Opschrëften kréien:

- Gemengerot vun 2023 – 2029
- Neigebueren vun 2024

Kulturkommissioun freet de Gemengerot heizou nach emol säi Feedback.

Punkt 3: Avis fir e classement comme patrimoine national

Kulturkommissioun ass vun der Gemeng gefrot gi fir en Avis zum Gebai ob 3, rue de Brouch ofzeginn, wat am Kadaster an der Gemeng Helperknapp an der Sektoun TA zu Téinten ënnert der Nummer 316/4363 agedroen ass, an als Kulturelle Patrimoine soll klasséiert ginn. Kulturkommissioun schléisst sech dem positiven Avis vum Kulturministère u fir des Gebai als Patrimoine unzeerkennen.

Weider Detailer stinn am Avis vun der Kulturkommissioun, den och un Gemeng geet.

Divers

Mérite de Bénévolat

Kulturkommissioun schléit fir eng Éierung vun Persounen anzeféieren déi laangjäreg am kulturellen oder sportleche Beräich Benevolat aktiv sinn. Am sportlech Beräich géingen net Sportler geéiert ginn, mei déi Persounen déi sportlech Veräiner duerch hire Benevolat ënnerstëtzen hunn.

Fir Persounen ze ermëttelen déi fir des Éierung a Fro komme sollen Veräiner kontaktéiert ginn fir eis Memberen ze proposéieren. Gemeng kéint zousätzlech iwwer en Ziedel Bierger froe fir eng Persounen an hirem Verdéngscht ze proposéieren.

Kulturkommissioun géing Krittären ausschaffe déi eng Persoun erfëllen muss fir de Mérite de Bénévolate ze erhalen. Persounen déi des Auszeechnung erhale géingen e Bong kréien am Bezug zu hirer Aktivitéit.

Dëst Joer kéint Éierung zum *Mérite de Bénévolat* während da Baamplantzaktioun stattfannen.

Kulturkommissioun géing sech freeë wann de Gemengerot heizou säi Feedback kéint ginn.

Entente Helperknapp

Kulturkommissioun proposéiert eng *Entente Helperknapp* fir Veräiner ze grënnen, déi si a verschidde Punkten ënnerstëtze kéint.

- Geréieren vum Manifestatiounskalenner a Material
- Veräiner kéinten iwwer Entente verséichert ginn
- Ënnerstëtzung bei der Grënnung vun engem neie Veräin
- Entent kéint Informatiouns Versammlung organiséiere

Kulturkommissioun géing sech freeë wann de Gemengerot heizou säi Feedback kéint ginn.

Punkt 4: Nächst Sëtzung

Déi nächst Sëtzung ass de **4 Juni um 19h00** Auer am Sëtzungssall an der Gemeng zu Téinten.